



Koler Movies Lëtzebuerg  
4, rue Arlerwée  
L-8376 Kahler

**Kahler, 14/01/2007**

.....

**KML-Generalversammlung 2007**  
**Samschdes, 10. Februar 2007 um 18:00 Auer zu Koler an der aler Schoul**

.....

Rapport

Présents: 6/7 Leit vum Comité +  
5 zousätzlech Leit (dorënner 2 nei Memberen)

Ordre du Jour

1) Begréissung vun de Leit duerch de President Marc Barnig.

2) Aktivitéiten 2006:

- De Marc Barnig huet all eis Aktivitéiten opgezielt, déi de Klub 2006 gemaach huet, dorënner och d'Filmproduktiounen déi ofgeschloss goufen: The Nebula Dawn, Mona a Riddly3. Dës 3 Filmer goufen och 2006 dem Public presentéiert an et waren och gläichzäiteg déi 3 Haaptaktivitéiten vum Joer 2006, nierft nach sellechen Dokumentatiounen (Kart-O-Manie, Coproduktioun mam SNJ, Theater, Turnveranstaltungen an Hochzaiten) wu 2006 alt nees e neie Maximum areecht gouf.
- Ufank 2006 ass KML eng offiziell ASBL ginn an eis Statuten goufen am Memorial veröffentlecht.
- E neien Internet-Site ass ausgeschafft ginn an ass no ville Stonnen Arbecht a mat bëssi Verspéidung am Januar 2007 online gaangen a bitt elo eng flott an interaktiv Plattform nët nëmmen fir eise Klub KML, mee och fir all amateurfilmbegeeschtert Leit.

3) Keessebericht 2006:

De Keessier Pierre Heinen huet de Keessebericht vum Joer 2006 virgedroen, woubäi dës Zuelen ernimmenswert sinn:

Keesse-Stand vum 31.12.2005: 3.958,12 EUR

Keesse-Stand vum 31.12.2006: 9.729,74 EUR

*Recetten 2006: 10.459,82 EUR*

*Dépensen 2006: 5.303,47 EUR*

Boni 2006: 5156,35 EUR

#### 4) Projeten 2007:

D'Leit goufen iwwert d'Projeten déi fir 2007 geplangt sinn informéiert. Et sollen 2 Kuerzfilmer gedréint ginn an e grouse gemeinsame Klub-Film-Projet gestart ginn.

Desweiteren soll nees méi Veräinslieden an de Klub kommen an sou sollen dann d'Joer e puer Aktivitéiten organiséiert ginn, déi net onbedingt eppes mat Filmer maachen ze dinn hunn, wéi z.B. zesumme mam ganze Klub eppes ënnerhuelen, wéi op de Stau grillen goen, Bowling spille goen, etc...

#### DVD-Veröffentleungen:

- Riddly3-DVD géint der Mëtt vum Joer 2007
- The Nebula Dawn-DVD viraussichtlech um Enn vum Joer 2007

#### 5) Gemeinsame Klub-Film-Projet:

2007 wëlle mir probéieren e grouse gemeinsame Klub-Film-Projet op d'Been ze stellen, wou et drëms geet, dass jiddereen deen intresséiert ass, vum éischte Moment bis dee leschte Moment kann un engem Film-Projet matschaffen. De Marc Barnig an de Michel Clemen hunn erklärt, dass et dorëms soll goen, dass vun engem Team en Dréibuch soll ausgeschafft ginn, wou jidderee ka séng Ideeën mat abréngen an eben de ganzen Tournage, Dréiplang, d'Charge-Verdeelung selwer organiséiert gëtt, genau wéi de Montage zesumme mam Monteur geplangt gëtt, de Marketing vum Film, d'Presentatiounen (Kino) bis hin zur DVD-Veröffentleung. Daat soll allen intresséierte Leit d'Méiglechkeet ginn dee Projet vu vir bis hannen ze begleeden an eben sou Erfahrungen ze sammelen an eegen Ideeën ze verwirklechen. E genaue Startdatum steet nach net fest, mee et soll awer an der éischer Halschend vum Joer 2007 lass goen. Weider Detailer kommen demnächst...

#### 6) Memberskaart 2007:

De Präiss vun der Memberskaart 2007 ass 5 EUR a ka bei de Memberen vum Comité kaaft ginn.

#### 7) Comité:

De Pierre Heinen huet als Keessier demissionéiert an huet wéinst Zäitmangel och decidéiert aus dem Comité ze goen.

Et huet kee Member sech gemellt fir an de Comité ze kommen an sou hunn och keng Comitéswalen stattfonnt.

De Comité funktionéiert also 2007 mat just 6 Leit a muss intern nei organiséiert ginn, well de Klub e neie Keessier brauch.

Mir soen dem Pierre Heinen villmols Merci fir séng Aarbecht déi en am KML-Comité geleescht huet. Merci Pierre!

#### 8) Fräi Aussprooch:

Verschiddenes gouf nach ënnerteneen diskutéiert an de Klub huet e Maufel (Pain Surpris) an e Patt offréiert.

-----  
-----